# D’Schlakeween op de Letzebuerger Schmelzen

Am Süde vum Lëtzebuerger Land goufen ëm 1870 déi éischt grouss Schmelzen opgeriicht; d'Ursaach fir dëse massive Schmelzebau waren d'Minettsvirkommen un der Grenz tëschent eisem Land a Frankräich. Dës oolitesch Minett hat zwar nëmmen en Eisegehalt vu maximal 35 %, dofir awer no dem Schmëlzen am Héichuewen vill Reschtbestandeeler, déi sougenannte Schlak (=laitier), déi am Fong vum Héichuewen , dem Gestell , (=creuset) um flëssege Goss geschwommen ass.

Dës Schlak gouf duerch e puer ronderëm am Gestell verdeelte Lächer a Kullangen an d'Cuve vun de Schlakentransportween lafe gelooss. Wéinst der Form vun dëser Cuve gouf de ganze Won am normale Sproochgebrauch einfach "Humpe" genannt.




Foto1: Schlakenafstëch vum Héichuewen an den Humpen am Schlakegleis
(Archives René Mackel)

Eng ganz Ramm vu vollen Humpen ass mat der Lokomotiv op de Schlakentipp erop gefouert ginn; hei sinn dann d'Cuven an horizontal Positioun gekippt gi fir se eidel ze maachen.

Ganz am Ufank ass den Humpe manuell zum Kippe bruecht ginn an dat mat engem groussen Handrad iwwert eng Schneckeradiwwersetzung; am Laf vun der Zäit ass dësen ustrengenden Handbetrib, je no Schmelz, duerch en elektreschen oder pneumatesche Motor ugedriwwe ginn.



Foto 2: Eidelmaachen vun den Humpen op dem Schlakentipp
(Archives René Mackel)

An alle Lëtzebuerger Schmelzen hunn dës Humpen zimlech nämlecht ausgesinn an zwar vir an hannen e Boggie an an der Mëtt louch d'Cuve op dem Drorang, deen op de Châssisen oplouch; esou waren déi Belvaller Humpe vu 1911 un ouni grouss Modifikatiounen am Asaz. Et ass eng Fabrikatioun vun der Firma "Jünkerath" aus der Äifel. Leedeglech d'Stolnieten, déi de metallesche Boggie zesumme gehal hunn, goufe spéider duerch Schweessverbindungen ersat. De Schlakevolume vun der Cuve ass dobäi ëmmer 9,5 m3 bliwwen. Den eigentlechen Humpe war am Géigesaz zu den Gossposchen net feierfest ausgekleet.





Foto 3: De Belvaler Schlakewon vun der Firma "Jünkerath":
Zeechnungs-Nr. 1375/ 24.9.1940
(Archives ArcelorMittal Belval)

Déi Schmelzer Humpe waren net zum Verkéier op de Schinne vun dem staatlechen Eisebunnsnetz zougelooss, well si net mat engem Bremssystem equipéiert waren. Aus dësem Grond war och op all Divisioun en Humpereparaturatelier; hei ass d'Auswiessele vun de verschlassene Cuven (= Hiemer) an d'Reparaturen un de Boggien gemeet ginn.

D'Eidelmaache vun de vollen Humpen op de Schlakentippe war fir d'Awunner bei de Schmelzen e spektakuläre Virgang, deen 127 Joer laang (vun 1870 - 1997) ze gesinn an ze bestaune war. Den Himmel huet sech duerch déi gliddeg Schlak dann hellroud gefierft; de klenge Kanner ass da gesot ginn de Kleessche wier am gaang mat Baken.



Foto 4: Beim Tippen vun den Humpen an der Nuet ass et daghell ginn an den Himmel huet sëch hellrout gefierwt.
(Archives René Mackel)

Den Humpen am Zolver "Park Tippewee" ass en eenzegaartege Souvenir un déi gloriéis Héichiewenära am Süde vun eisem Land; vun deenen Honnerte vun Humpen op eise Schmelzen am Süden ass hien deen allereenzegen, komplett erhalenen an restauréierte Schlakentransportwon, deen zu Zolver am Metzerlach op sengem Sockel ronderëm ze kucken ass. Dat Humpenexemplar am Tippewee huet also Seelenheetswäert !




Foto 5: Dee vun der Gëmeng Suessem restauréierten Humpen am "Park Tippewee" am Metzerlach zu Zolver.
(Archives Service Technique Commune de Sanem)